N°8249
Entrée le 22.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Am Lëtzebuerger Wort Artikel "Fragwürdige Vorgänge in der Bahnhofswache" a laut Recherche vun der Zeitung Quotidien gëtt et an dem Kommissariat op der Gare ee Verdéngschtsystem no deem jonk Polizist:innen sech fir d'éischt emol beweise mussen, ier se vun hire Superieure respektéiert ginn. D'géif ee bei Minus 10 Punkten ufänken a misst sech da mat "mutigen Taten" de Respekt vun anere verdéngen esou d'Recherchen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis iwwert esou Praktiken?
   Wa jo, wat wëll en géint dës ënnerhuelen?
   Falls nee, wei konnt esou eppes onentdeckt bleiwen?
   Falls nee, wäert en de Resultater vun de Recherche vun de Journalisten nogoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten